N°4654
Entrée le 20.08.2026
Chambre des Députés

Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 21.08.2026
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/08/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Finanzen weiderzeleeden.**

De Lëtzebuerger Staat hält eng Minoritéitsbedeelegung vu knapp 10 Prozent un der Banque Internationale à Luxembourg an ass am Verwaltungsrot vun der Bank vertrueden. D'Externalisatioun vum kompletten Informatiksberäich vun enger systemrelevanter Lëtzebuerger Bank, mat ronn 130 bis 140 betraffene Salariéen, ass eng Decisioun vun enger gewësser Tragwäit.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Mandater am Verwaltungsrot vun der BIL entfalen op Vertrieder vum Staat, a vu wiem ginn dës Mandater ausgeüübt?

2. Kréien dës Vertrieder Instruktioune vum Ministère, ier se an engem Verwaltungsrot iwwer strukturell Decisiounen ofstëmmen? Gëtt hire Vote virdru mam Ministère ofgestëmmt?

3. Betruecht d'Regierung hir Bedeelegung un der BIL als e reng finanziell Placement, oder gëtt domat och en ëffentlechen Interêt verbonnen, zum Beispill wat d'Erhale vu Kompetenzen a vu Beschäftegung op der Lëtzebuerger Finanzplaz ubelaangt?

4. Gouf d'Regierung, virun oder no der Decisioun, iwwer d'Externalisatioun vum IT-Beräich vun der BIL informéiert? Zu wéi engem Moment?

5. Wéi ginn d'Tantiemen behandelt, déi Beamten oder aner Vertrieder vum Staat fir e Mandat an engem Verwaltungsrot am Numm vum Staat kréien? Ginn dës Zommen un d'Staatskeess zréckbezuelt, oder kommen se bei hirer Remuneratioun derbäi?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

6. Sinn d'Tantiemen am Verwaltungsrot vun der BIL am Laf vum Joer 2026 ugepasst ginn? Wa jo, a wéi engem Ausmooss, a wéi huet de Vertrieder vum Staat bei dëser Decisioun gestëmmt?

7. Gëtt et fir d'Bedeelegunge vum Staat un Entreprisen eng schrëftlech Doctrine oder Charta, déi festhält, wéi d'Vertrieder vum Staat sech an esou Situatioune verhalen?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven

Deputéierten